ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Immigratioun an der Madame Minister fir Integratioun däerfen ze stellen.

Op der Pressekonferenz vum 4. Februar, wou den nationale Bilan vun der Immigratiounspolitik vun 2015 virgestallt ginn ass, huet de Minister konfirméiert, datt et en Ënnerscheed gëtt tëschent der Zuel vun de Migranten, déi vum OLAI opgeholl ginn, an deenen déi um Immigratiounsministère eng Demande fir den internationale Schutz ufroen.

Laut der Press (LW vum 5. Februar) geet de Minister fir Immigratioun dovunner aus, datt ongeféier ee Véierel vun de Migranten zu Lëtzebuerg keng Demande op Asyl stellen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir Immigratioun an der Madame Minister fir Integratioun dës Froe stellen:

1) *Wéi laang kann e Migrant vum OLAI betreit ginn (Ënnerdaach, Verfleegung, medezinesch Betreiung, …) ouni eng Demande op internationale Schutz ze maachen?*
2) *Wéi gëtt tëschent dem OLAI an dem Ministère fir Immigratioun kontrolléiert, datt déi Migranten déi vum OLAI betreit ginn och eng Demande fir internationale Schutz maachen, an ëmgedréint? Wat geschitt mat deenen, déi keng Demande op internationale Schutz an engem verstänneg Délai maachen? Wéi laang wär esou en Délai?*
3) *Weess d'Regierung, wat mat de Migrante geschitt, déi keng Demande op internationale Schutz maachen?*
4) *Wat geschitt mat Leit, déi zu Lëtzebuerg vun den Autoritéite kontrolléiert ginn, déi uginn se wäre Flüchtlingen an déi awer keng Demande op internationale Schutz gemaach hunn? Gëtt consideréiert, datt se illegal am Land sinn?*
5) *Wa Leit no Oflaf vun alle juristesche Prozedure keen Openthaltsrecht a kee Statut zu Lëtzebuerg kruten, vu wéi engem Zäitpunkt un gëtt consideréiert, datt se illegal am Land sinn?*
6) *Wéi eng gesetzlech Dispositioune genee sinn applicabel fir Leit déi illegal op dem lëtzebuergeschen Territoire sinn?*
7) *Ginn dës gesetzlech Dispositiounen ëmmer applizéiert a, wa jo, wéi genee? Wa nee, firwat net?*

8) *Bei wéi vill Leit ass zënter Ufank 2014 am Kader vun enger polizeilecher oder enger anerer Kontroll festgestallt ginn, dat si illegal um Territoire sinn? Wat ass mat deene Leit geschitt? Goufen d'Gesetzer an all Fall applizéiert?*

9) *Denkt d'Regierung eventuell drun déi gesetzlech Dispositiounen iwwer den illegale Séjour zu Lëtzebuerg an iergend enger Form ze modifizéieren a, wa jo, op wéi eng Manéier?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten